N°869
Entrée le 07.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.06.2024

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2024

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Froen un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

Wéi aus dem Joresrapport 2023 vun der Recherche- an Informatiounsstell fir Antisemitismus zu Lëtzebuerg (RIAL) ervirgeet, hu Si zënter dem 7. Oktober 2023 méi Fäll vun Antisemitismus hei am Land registréiert. Am Joer 2020 waren et nach tëscht 50 a 60 Fäll, 2021 ronn 80 Fäll an 2023 schonn 144 Fäll. Wärend deene läscht 9 Méint huet d'RIAL all Mount 30 bis 35 Fäll gemellt. Dobäi fannen 80 – 90 % vun de Virfäll an de soziale Medie statt.

D'RIAL ënnerscheet tëscht verschiddene Kategorië vun Antisemitismus. Dës gi vu Banaliséierung vum Holocaust, iwwer antisemittesch Stereotyppen, verschwierungsideologesch Figuren oder och ganz Negatioune vum Existenzrecht vun Israel. D'Antisemitismus-Definitioun vun der International Holocaust Remembrance Alliance (IHRA), déi net fräi vu Kritik ass, ass och vun der Lëtzebuerger Regierung unerkannt. Juristesch gesinn, gëtt ëmmer rëm d'Argument opbruecht, dass dës Aarbechtsdefinitioun ze vage wier an éischter zu Monitoringszwecken dénge sollt.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen un d'Madamm Justizministesch stellen:

- Wéi vill Fäll vun Antisemitismus huet d'Lëtzebuerger Justiz zënter dem 7. Oktober 2023 geriichtlech poursuivéiert ?
- Gesäit d'Madamm Ministesch och wéi d'RIAL ee steigenden Trend un Antisemitismus-Fäll zu Lëtzebuerg ?
    - Wa jo, wéi gedenkt d'Regierung dogéint virzegoen ?
- Wat ass d'Positioun vun der Regierung zu der Antisemitismus-Definitioun vun der IHRA ?

Här President, ech biede Iech dës Froen, mat mengem déifste Respekt unzehuelen.

**Laurent Mosar**
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Elisabeth MARGUE, Justizministesch, op d'parlamentaresch Fro n°869 vum honoraablen Här Deputéierte Laurent MOSAR vum 7. Juni 2024 iwwert den Antisemitismus zu Lëtzebuerg**

**Ad 1) a 2)**

Juristesch fällt den Antisemitismus zu Lëtzebuerg an de Kader vum Artikel 454 a vum Artikel 457-1 vum Code pénal*,* dee virgesäit, datt all Opruff zu Haass oder Gewalt géint eng Persoun oder Gruppéierung, op Grond e.a. vun der Hierkonft oder Relioun, strofbar ass. Den Artikel 80 vum Code pénal, deen 2023 agefouert gouf, gesäit och eng "circonstance aggravante" fir d'Crime, Delikter a gewësse Kontraventiounen an dem Kontext vir. Den informatesche System vun de Justizautoritéiten erfaasst allgemeng d'Affairen, déi ënnert dës verschidde concernéiert Artikele vum Code pénal falen, ouni de genauen Detail opzeschlësselen. Deemno ginn d'Fäll am Kontext vun Antisemitismus op deem Wee net eenzel statistesch opgelëscht.

Et ass wichteg, datt eise Rechtsstaat konsequent géint all Form vu Rassismus a besonnesch géint Gewalt oder Opriff zu Haass a Gewalt an dem Kontext virgeet, deemno och géint Antisemitismus a géint Gewalt géigeniwwer jiddesche Matbierger.

Fir spezifesch de Phänomen vum Antisemitismus méi wierksam kënnen ze bekämpfen, huet de Regierungsrot den 27. Mäerz 2024 e "Comité interministériel pour le suivi du plan d'action national de lutte contre l'antisémitisme (PANAS)" en place gesat.

**Ad 3)**

D'IHRA Aarbechtsdefinitioun ass en unerkannten Instrument, a wei vill aner Regierungen an international Institutiounen huet d'Lëtzebuerger Regierung dës Definitioun vun der IHRA am Joer 2020 ugeholl.

Lëtzebuerg, den 10 Juli 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue